Lëtzebuerg, den 1. Oktober 2013

4 Froen un eis politesch Parteien

nom Motto: „Virun de Wahlen de Bolz fillen!“

Iwwer 6000 betraffe Mataarbechter aus dem erzéiereschen a sozialen Secteur waarden op kloer Äntwerten!

4 Froen un äer Partei, déi sech den 20.Oktober de Chamberwahlen stellt:

1) Wéi setzt dir iech fir eng qualitativ héichwäerteg Kanner - a Jugendbetreiung an, am Kader vun der non-formaler Bildung?

Nom INTEGRALEN Gedanken soll d'Kand Wëssen iwwermëttelt kréien an zu engem mündegen Biirger opwuessen, wou d'Erzéiung eng Etape ass fir mat méi kreativen an konstruktiven Handlungen eis Gesellschaft no vir ze brëngen. D'Zesummenliewen an der Famill ass awer grad esou wichteg. Déi sozial Kohäsioun soll hei präparéiert gin.Dat heescht all Educateur soll per se exzellent op seng Missioun präparéiert gin, well déi ass den Garant fir eng gesellschaftlech positiv Evolutioun.

_____
_____
_____
_____
_____
_____

2) Wat géift dir un der Formatioun an un de Studien vun de sozioedukative Beruffer (Erzéier, Sozialpädagog) verbesseren?

Wichteg ass , dat d'Leit vum sozioedukativen Beräich hiren Beruf als <Berufung> ugesin. Sie hun déi schwéier Missioun fir d'Elteren ze ersetzen, wat op der enger säit Schued ass, mé op der anerer Säit trotzdem Gold wärt ass, well d'Kanner een gewëssenen Halt brauchen. Wichteg ass also d'Formatioun fir

eng besser Kommunikatioun an eng INTEGRAL pedagogësch Ausbildung unzestriewen, fir un d'Kand besser erunzekommen

_____
_____
_____
_____
_____
_____

3) Wéi stellt dir iech gemeinsam Richtlinnen fir eng kohärent Erzéiungspolitik vir (z.B. Zesummenaarbecht Schoul-Maisons relais)?

Dem INTEGRALEN Gedanken no, sollen déi 2 Sparten, nämlech Wëssensiwwermëttlung an Erzéihung mateneen harmonéieren an komplementar déi eigentlech Missioun erfëllen, dat heescht d'Kand zum mündegen Biirger ausbilden, ouni ze vergiessen dat doheem d'Famill muss hir Leeschtung brëngen. D'Missiounen sollen kloër ofgegrenzt sin, awer fléissend Iwwergäng erméiglechen. D'Konzept vum Ganzen ass wichteg, well dat Ganzt ass méi wéi d'Somme vun den eenzelnen Deeler.Et ass eng Plus-Value.

_____
_____
_____
_____
_____
_____

4) Zënter 40 Joer sinn d'Carrièren vun Erzéier a Sozialpädagogen kloer ënnerbewäert. Wéi setzt dir iech dofir an, datt dat wat scho säit Joeren versprach gëtt (an zwar eng richteg Aklasséirung vun dëse Carrièren), endlech Realitéit gëtt?

An dësem Fall gesäit een wéi ongerecht eisen System ass. D'Schoulpersonal gëtt finanziell aneschters cotéiert wéi d'Erzéiher, wat onverständlech ass, well d'Arbecht komplementär oflaafen soll. Hei muss

nom INTEGRALEN Gedanken absolut prioritär nogebessert gin an eng Ännerung zu Gonschten vun den Edukateuren kommen.

Bescht Gréiss

Jean Colombera

Präsident vun der PID (Präsident vun der Partei fir INTEGRAL Demokratie)

_____
_____
_____
_____
_____
_____

Schéckt eis äer Äntwerten w.e.g. bis spéitstens den 10. Oktober eran!

info@apeg.lu

Merci villmools!

D'Verwaltungsréit vun APEG an LBSA

TEL : (+352) 621 21 88 75
FAX : (+352) 20 40 99 03
N° id: 1999 61 01072
E-mail : info@apeg.lu
www.apeg.lu
www.lbsa.lu
CCPL : IBAN LU55 1111 1571 9858 0000